1

## Aus der N A Z I Z A I T: 194o - 1944

### Schefflen̄g séng Märtyrer, Helden , séng Resistenz.

Des Chronik soll an d'Geschicht vu Lëtzebuerg agoen an erhalenbleiwen, si soll eise Kanner, Kanneskanner an de spéidere Generatiounen soen a beweisen wat fir eng grouss Roll d'Schefflénger Resistenz a séng Bierger an der Nazizäit geleescht a gespillt hun, wat fir grouss Affer a Bluddzoll si bezuelt hun fir Fräiheet, Fridden a Gerechtegkeet.

Den Autor: Jäng HAAS
Scheffléng.

## D' E V A K U A T I O U N 194o.

Wéi den 3o.Januar 1933 ganz Däitschland vun Him, ce descendant des rives du Danube, eruewert wor, huet d'ganz Mënschheet opgelauschtert, a Fuurcht, Angscht, wéi Schreck huet sech op de Gesiichter gewisen.Eng Anong déi der gesitteter Mënscheet, déi bis dohin d'Gemitter gelähmt huet, huet ungefange Gestalt a Wiirkong unzehuelen.

Et koum déi grouss Etapp 1938. Groussen Trara, Klamauk, grouss Tirade vu München, an ee Land ass stuemräif gemaach gin, en Arbechtervollek ass vergewaltegt gin, an d'Tchechoslovakei wor ausradéiert. Demokratien hun d'Schaan geschléckt a sech iwwert d'Affair vu München geschummt. ??? Den 2. September 1939 huet sech dat alles bestätegt an d'Kanounen aus der Maginotligne hun ungefangen hiert Doudeslidd ze sangen.Pole gëtt vun de Preisen iwwerfall an ausradéiert.Et koum dee grousse Sprong no Norwegen an dann ass deen historesche Coup de force géint de Westen a Lëtzebuerg wouer gin.

### 1o. Mä 194o - Muergesfréi 4.oo Auer.

Onheemlecht Motorgeräisch, Gebrumms, wéi Haulen huet de Schefflénger Bierger aus dem Schlof erwächt, alles op d'Fënsteren an Diren, a kucken matt Angscht a Schreck an d'Muergesdämmerong eran, an op déi kräizbemolte Fliger déi um Himmel hir Kreeser zéien.

2..

Mat gelungene Gefiller a Besuergnëss sin d'Leit op d'Aarbecht gaangen an dobäi e Virgeschmaach kritt wat nach alles op si a West Europa soll duerkommen. An de Wisen vum Dumongshaff, Féitz si Fliger geland, an hun deelweis gläich gebrannt. Fallschiermjeër hun d'Stroossekräizongen besaat. Beem emgeluecht a Spåren opgeriicht asw... Op eise Minnettskoppen, Bëscher , an op Esch zou hate sech preisech Stouss an Eliten zaldoten agebuddelt a fest gesaat. Ennert de Leit Schrëck an Angscht, wei soll et elo nëmme weidergoen.??? d'Kriegsfurie geet weider, d'Rad vun der Zäit dréit ëmmer mei schnell, alles iwwerstierzt sech, Drock erweist Géigendrock. Den Doudesreider fänkt sei wëlle Galopp iwwer d'Schluechtfeld un.

Iwwer Schefflény an Emgéigend Fliger, Opklärer an Ofwierjeër zéien hier Kreeser, emmer méi preisech Zaldoten kommen zou Gesiicht a besetzen all wichteg Ponkten an Plazen.

Den lo. Mä kréie mir e kuerzt Kräizfeier aus der Maginiotligne , d' Resultat e puer schwéier Blesséiert an Doudeger an Materialschoued. An der Nuecht vum 11. Mä ass den Danz lassgaangen. schons Virmëttes hun déi Däitsch an d'Franzouse sech an de Bëscher an Koppen sech Nokämpf geliwwert, zu Dippech, Éiléng sinfranzéisech Panzer a Minnefelder gerannt an explodéiert. Aus der Maginotligne kum é Sperrfeier dat Stonneweis uereg iwwer Schefflény gebottert huet, esou dass d'Populatioun gezwonge wor d'Nuecht an de Kelleren ze verbréngen. Den aneren Dag zäitweillegdatselwecht Lidd. Vu Stonn zu Stonn ass et ëmmer méi ongemittlech gin, de Kriegsgott hat kée Erbaarmen, d'Batterien aus der Maginotligne hu gedonnert a gekraacht esou dass e geméngt huet d'Welt géng ënnergoen.

<u>Duerno GROUSSALARM an d'Uueder ass komm ........</u>
d'ganz Populatioun, Schefflény gët ausgeraumt, alles muss an d'Evakuatioun Dausende, Milliounen Mënschen aus ville Länner, woren an dëser Zäit op der Wanderong, op der Flucht, verdriwwen vun Haus an Haff, gehetzt, gejot, mat Sak a Pak ënner dem Kanounendonner am Kraachen vu Schrappnällen huet d'Scheffléngeer Popoulatioun Hem, Haus an Haff misse verloossen dat alles duerech en Härevollek dat schons esou vill Onheel gemaach hat a nach weider Doud a Verdiewen iwwer d'Mënschheet brénge sollt.

Mat Bëndelen, Päck um Réck, Poschen an den Hänn Grouss a Kléng hu gedroen wat se gepackt hun, an n"emmen dat allernéidegst wor opgelueden op Weenercher , Kärercher, Veloë, Poussetten, Chareten , Kannerkutschen, Schubbkaren,Heeween ,Teimer an Autoen esou ass et recht , a schlecht mat Bangen an Angscht "ennert dem Granatebeschoss aus der Maginotligne iwwer Näerzéng, Betebuerg via Kockelscheier no Lëtzebuerg gaang, wou déi éischt Flüchtlénge vu gudde Frënn a Bekannten opgeholl gi sin.

Rolléngergrond, Luerenzweiler, Lëntgen, Boufferdéng, Jonglënster asw.. woren déi nächst Statiounen, et woren der ongeféier 3o Bis 35 déi de Schefflénger Leit passéiert haten.

E nächst Kapitel soll iwwer den Openthalt an der Evakuatioun beriichten.

Jäng HASS
Schefflénq.